ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 5. Mäerz 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Opgrond vun der Globaliséierung, speziell duerch den Wuerentransport, sinn an de leschten Joren vill Insekten, Reptilien, Waasserdéier oder kleng Déiercher ongewollt oder och deels gewollt, importéiert ginn. Vill vun dësen Déiercher hunn een Afloss op eis zanter Joerhonnerten bestoend Fauna a Flora, net ëmmer am positiven Sënn. Kuerz gesot: Si fannen hei net dee Liewensraum, deen si brauchen. Vill vun eisen Liewewiesen an der Kleng-Déierewelt sinn duerch dësen Import vum Ausstierwen bedroht.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Ministesch:

1. Gëtt et eng Opstellung vun all dësen Déiercher, déi déi lescht 30 Joer bei eis nei an d'Land komm sinn?
2. Wa jo: Wéi gesäit dëse Relevé aus?
3. Wann nee: Wär de Ministär bereet esou een Relevé opzestellen?
4. Wat fir eng Insekten, Reptilien, Waasserdéier oder aner kleng Déier hunn een Afloss op eis bestoend Déierewelt, mat allen negativen oder positiven Aspekter?
5. Wat fir eng Moossnamen huet d'Regierung bis elo geholl, fir dësem illegalen Import entgéint ze wierken?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique